# STENGEFORTER NEIEGKEETEN

DE MAGASINN VU STENGEFORT

N° 110
Dezember 2022

NEIJOERSCHKAART CONCOURS

SEMAINE DE LA SANTÉ MENTALE

JOURNÉE PORTE OUVERTE



Commune de Steinfort

# EDITO



**Léif Matbiergerinnen a Matbierger,**

Wéi d'Zäit vergeet! Bei der leschter Ausgab vun de Stengeforter Neiegkeeten am Februar war ech e fréschgebakene Buergermeeschter, bei döser Ausgab, e puer Méint méi spéit, sinn ech e fréschgebakenen (a stolzen) Papp! An deene leschte Méint ass villes um Gemengenniveau passéiert: d'Gemeng huet de Projet vum neie Kulturzentrum virgestallt, et ass zesummen um Mobilitéitskonzept geschafft ginn, eis Ekipp huet sech weider vergréissert, etlech Manifestatioune sinn organiséiert ginn... Mat dem neie Logo hu mir och sämtlech Gemengenpublikatiounen opgefréscht a sou krut och eise Magasinn, wéi Dir gesitt, e neie Look verpasst!

Et war interessant däst Joer mat ze erliewe wéi eis Gemeng, gemeinsam mat eise Bierger.innen, aus dem laange COVID Schlof rëm sou richteg erwächt ass. Och wa mir 2021 schonns dat eent oder anert flott Event (Summer um Weier a Chrëschtmaart, ënnert anerem) zesumme mat eise Matbierger.inne konnte feieren, konnte mir däst Joer erëm sou richteg lass leeën!

Eppes méi lues si mir nach an d'neit Joer gestart mat der Presentatioun vum Biergerbedeelegungsprojet, dee live gestreamt gouf. Lues a lues sinn dunn all Mount weider „live" Veranstaltunge vun all Genre dobäi komm: Theater, Babysitter Coursen, Tréppeltour zum Weltfraendag, Grouss Botz, Liesung, Elsy Jacobs Véloscourse, ... An döser Ausgab presentéiere mir lech en detailléierte Réckbléck unhand vun Artikelen a Fotoreportagen!

Eppes wat mir als Buergermeeschter, sou wéi eisem ganze Schäfferot, speziell um Häerze léit ass Är Meenung! Sou wëll ech speziell d'Informatiounsversammlungen an d'Workshops zu verschiddenen Themen ervirhiewen. Dës Manifestatioune sollen lech, eis Bierger.innen, sou vill wéi méiglech an d'Entwécklung vun eiser Gemeng mat abannen a eis erlabe gemeinsam déi beschte Léisunge fir Stengefort ze fannen. An dësem Sënn fannen och rëm d'Consultatioune vum Schäfferot Samschdes Moies statt. Hei kann all eenzele vun lech, deen eppes um Häerzen huet wat eis Gemeng betrëfft, ouni Rendez-vous, Samschdes Moies (ausser an de Schoulvakanzen) täschent 9:30 an 11:30 Auer an d'Gemengenhaus kommen. Et ass eis wichteg ze wësse wat d'Meenung vun eise Bierger.innen zu de verschiddensten Themen ass.

Op döser Platz wëll ech dann nach eise Gemengeservicer am Numm vum ganze Schäfferot e spezielle Merci soen, ouni si wären all d'Veranstaltungen iwwert d'Joer net méiglech gewiescht. An natierlech och e grousse Merci un lech all, well ouni lech, eis Matbierger.innen, wären eis Manifestatiounen net deen Erfolleg deen se sinn!

Et bléift mir lo just nach lech vill Spaass beim Entdecken a Liese vun der neister Editioun vun eise Stengeforter Neiegkeeten ze wënschen!

# EDITO

**Cher.e.s concitoyen.ne.s,**

Comme le temps passe vite ! Lors de l'édition de février de notre magazine « Stengeforter Neiegkeeten », j'étais tout nouveau à mon poste de bourgmestre, pour ce numéro-ci, quelques mois plus tard, je suis nouveau papa (et tout fier de l'être) ! Ces derniers mois, il s'est passé beaucoup de choses au niveau communal : la commune a présenté le projet du nouveau centre culturel, ensemble avec vous nous avons travaillé sur le concept de la mobilité, notre équipe n'a cessé de s'agrandir, diverses manifestations ont été organisées… Avec l'introduction de notre nouveau logo, le look de nos publications communales a été rafraîchi et, comme vous pouvez le constater, notre magazine a également fait peau neuve !

Il était intéressant d'observer comment notre commune, avec nos citoyen.ne.s, s'est réveillée du long sommeil de la COVID au cours de cette année. Si en 2021 nous avons déjà pu fêter l'une ou l'autre manifestation (e.a. Summer um Weier et Marché de Noël) avec nos concitoyen.ne.s, nous avons pu vraiment repartir cette année !

C'est tout en douceur que nous avons commencé avec la présentation du projet de participation citoyenne, retransmise en direct. Lentement mais sûrement, d'autres événements « live » de tous genres se sont ajoutés au fil des mois : théâtre, cours de baby-sitting, promenade dans le cadre la journée internationale de la femme, Grouss Botz, lecture, Festival Elsy Jacobs, … Dans cette édition nous vous présentons une rétrospective sous forme d'articles et de reportages photo!

Votre opinion nous tient particulièrement à cœur, à moi, et à notre collège échevinal. C'est pourquoi je voudrais relever ici les réunions d'information et les ateliers sur divers sujets. Ces événements sont destinés à vous impliquer le plus possible, vous nos citoyen.ne.s, dans le développement de notre commune et nous permettre ainsi de trouver ensemble les meilleures solutions pour Steinfort. Dans cet esprit, les consultations du collège échevinal ont à nouveau lieu les samedis matins, consultations où chacun d'entre vous peut se présenter sans rendez-vous à la maison communale, le samedi matin (hors vacances scolaires) entre 9h30 et 11h30. Il est en effet essentiel pour nous de connaître l'opinion de nos concitoyen.ne.s sur divers sujets.

À cet endroit, je voudrais encore remercier au nom du collège échevinal l'ensemble des services communaux, sans qui les événements de l'année n'auraient pas été possibles. Et bien sûr un grand merci à vous toutes et tous, car sans vous, nos citoyen.ne.s, nos événements ne connaîtraient pas le succès qu'ils ont !

Il ne me reste plus qu'à vous souhaiter une excellente lecture de notre magazine « Stengeforter Neiegkeeten » !

**English version:**

# AN DËSER EDITIOUN / DANS CETTE ÉDITION

## AUS DER GEMENG
### LA VIE À LA COMMUNE


MIR STELLE VIR! DEBBIE HOUSS | 6
WËLLKOMM: NEI MATAARBECHTER | 7
VEREEDEGUNGEN & JUBILÄEN | 8
PERSONALFEIER | 10
OVATIOUN | 12
INFORMATIOUNSVERSAMMLUNG | 14
BIERGERFORUM MOBILITÉIT | 16
JOURNÉE PORTE OUVERTE | 18
DAG VUM BAM | 20


## REPORTAGE


PORTRAIT VUM ANDY GILBERTS | 22
MAYORS FOR PEACE & FRIDDENSTOTEM | 26
NEIJOERSCHKAART CONCOURS | 30

#MIRSISTENGEFORT | 32


## RÉCKBLÉCK
### RETROSPECTIVE


VIROWEND VU NATIONALFEIERDAG | 34
OWES- AN EMWËLTMAART | 36
SCHOULFEST | 38
STENGEFORTER KIERMES | 40
SPILLNOMËTTEGER MAISON RELAIS | 42
SUMMER UM WEIER | 44
SUMMERDREAM FESTIVAL | 46
SPORT AM PARK | 48
SPORTSDAG | 50
JOURNÉE COMMÉMORATIVE | 52
SEMAINE DE LA SANTÉ MENTALE | 54

DËSLESCHT AN EISER GEMENG - PICTURE REPORT | 56
ERËNNERUNG UN AL HAISER DÉI ET NET MÉI GINN | 72
DEEMOOLS AN DER STENGEFORTER GEMENG | 73
7 KLENG FEELER | 78

# MIR STELLE VIR! DEBBIE HOUSS



SERVICE SCOLAIRE

## Lu

Et ass d'Gemeng, déi fir d'Schoulorganisatioun vun de Cyclen 1 bis 4 vun der Grondschoul zoustänneg ass, sou wéi fir d'Anhale vun der Schoulflicht, zesumme mat de Responsabele vun der Grondschoul. Mir liwweren d'Infrastruktur fir eng Qualitéitsausbildung vun de Schüler. inne kënnen ze garantéieren. Am Moment zielt d'Gemeng Stengefort 447 Schüler, déi op 28 Klassen an 2 Uertschafte verdeelt sinn, nämlech Stengefort a Klengbetten.

Zënter dem Ufank vum Schouljoer 2022 ass et eis Mataarbechterin Debbie Houss déi fir de Schoulservice zoustänneg ass. Hir Missioun ëmfaasst d'Schoulorganisatioun, d'Aschreiwung vun de Kanner an der Grondschoul, d'Kommunikatioun tëscht dem Schoulcomité an der Gemengeverwaltung sou wéi d'Organisatioun vum Schoultransport.

## Fr

C'est la Commune qui est responsable de l'organisation scolaire des cycles 1 à 4 de l'enseignement fondamental et doit dès lors veiller au respect de l'obligation scolaire, en coopération avec les responsables de l'école fondamentale. Ainsi, nous mettons à disposition les infrastructures permettant de garantir un enseignement de qualité aux élèves. Actuellement, la commune de Steinfort compte 447 élèves répartis sur 28 classes et sur 2 localités, à savoir Steinfort et Kleinbettingen.

C'est notre collaboratrice Debbie Houss qui est en charge, depuis la rentrée 2022, du service scolaire. Sa mission englobe l'organisation scolaire, l'inscription des enfants à l'école fondamentale, la communication entre le comité de l'école et l'administration communale tout comme l'organisation du transport scolaire.

## En

The municipality is responsible for the school organisation of cycles 1 to 4 of basic education and must therefore ensure that compulsory schooling is respected, in cooperation with those responsible for the basic school. We provide the infrastructure to ensure that the pupils receive a good education. Currently, the municipality of Steinfort has 447 pupils in 28 classes in two locations, Steinfort and Kleinbettingen.

Since the beginning of the school year 2022, our employee Debbie Houss has been in charge of the school service. Her mission includes the school organisation, the registration of the children at the basic school, the communication between the school committee and the municipal administration as well as the organisation of the school transport.

## ÄDDI


AU REVOIR / GOODBYE



## WËLLKOMM

BIENVENUE / WELCOME





# WËLLKOMM: NEI MATAARBECHTER



**Lena Hartz**
Service égalité des chances
Département administratif



**Stephan Krier**
Service régie
Département technique



**Olivier Cloos**
Service technique
Département technique



**Isabelle Bruschi**
Service Relations publiques
Département administratif



**Caroline Lucas**
Service régie
Département technique



**Chantal Pupkulies**
Piscine



**Frédérique Theisen**
Service Relations publiques
Département administratif



**Tamara Scherer**
Service écologique
Département technique



**Nadia Cardoso Berardo**
Piscine

Le personnel de la Maison Relais de Steinfort est présenté chaque année dans notre publication « De Kannerbuet ».

Afin de respecter les droits et libertés de notre personnel dans le cadre du règlement général sur la protection des données, cette liste n'est pas exhaustive.

# VEREEDEGUNGEN & JUBILÄEN

## Vereedegung Georges Kneip

### Lu

Am Kader vun enger klenger Zeremonie gouf de Georges Kneip (CSV) als neie Gemengeconseiller vun der Gemeng Stengefort vum Buergermeeschter Sammy Wagner de Méinden 21. November 2022 vereedegt an ersetzt soumat de Jean-Marie Wirth (CSV), deen am Gemengerot demissionéiert huet.

Zur selwechter Occasioun gouf dem Jean-Marie Wirth villmools Merci gesot fir säi jorelaangt Engagement als aktive Member am Stengeforter Gemengerot. Hie gouf 2005 eng éischte Kéier an de Gemengerot gewielt a war an de Joren 2011-2017 Buergermeeschter vun der Gemeng Stengefort.

**Mir wënschen dem Georges an dem Jean-Marie vill Gléck fir d'Zukunft.**

### Fr

Lors d'une petite cérémonie, le bourgmestre Sammy Wagner a assermenté lundi 21 novembre 2022 Georges Kneip (CSV) comme nouveau conseiller du conseil communal de la commune de Steinfort. À cette même occasion, Jean-Marie Wirth (CSV) a été remercié pour ses nombreuses années d'engagement en tant que membre actif du conseil communal (de 2005 à maintenant) et en tant que bourgmestre de la commune de Steinfort de 2011 à 2017.

**Nous souhaitons bonne chance à Georges et Jean-Marie pour la suite.**

### En

In a small ceremony on November 21st, Mayor Sammy Wagner swore in Georges Kneip (CSV) as a new member of the local council of the Municipality of Steinfort. Jean-Marie Wirth (CSV) was thanked for his many years of commitment as an active member of the local council (from 2005 to now) and as mayor of Steinfort from 2011 to 2017.

**We wish Georges and Jean-Marie good luck for the future.**



## Jubiläen



16. Juli 2022 Diamantenhochzäit, Här a Madamm Wirth-Kohn, Stengefort



6. Juli 2022 90 Joer, Här Henri Meyers



26. Juni 2022 Gëllen Hochzäit, Här a Madamm Lesgardeur-Goullier, Stengefort



10. August 2022 Gëllen Hochzäit,
Här a Madamm Piret-Dogot, Stengefort



28. September 2022 Diamanten Hochzäit,
Här a Madamm Sidon-Friedel, Hoen

6. Mee

# PERSONALFEIER

## Lu

De Schäfferot hat d'ganz Personal Freides den 9. Mee an de Centre culturel „An de Keeseminnen“ op e flott Fest invitéiert. Bei déser Geleeënheet goufe sëllege Membere vum Personal fir 20 Déngschtjoren oder d'Pensioun geéiert. Hei e puer Andréck vum gelongenen Owend.

## Fr

Le collège échevinal avait convié l'ensemble du personnel au centre culturel « An de Keeseminnen » le vendredi 9 mai, pour une grande fête. A cette occasion, des membres du personnel ont été honorés pour 20 ans de service ou leur départ à la retraite. Voici quelques impressions de la soirée plus que réussie.

## En

On Friday 9 May, the Aldermanic College invited all the staff to the “An de Keeseminnen” cultural centre for a festive celebration. On this occasion, staff members were honoured for 20 years of service or their retirement. Here are some impressions of the successful evening.















# 13. Mee

# OVATIOUN

## De

Die Sonne strahlte als am 13. Mai die neuen Mitglieder des Gemeinderates, sowie der Bürgermeister der Gemeinde Steinfort, im Rahmen einer kleinen Feier offiziell eingeführt wurden.

Zahlreich erschienen waren die Einwohner.innen der Gemeinde Steinfort um die neuen Mitglieder des Gemeinderates, Bénédicte Janne (CSV) und Guy Erpelding (LSAP), sowie den Bürgermeister, Sammy Wagner (LSAP), willkommen zu heißen. Verabschiedet wurden zudem die austretenden Mitgliederinnen, Anne Houllard (CSV) et Sylvie Asselborn-Huber (LSAP), die wegen der guten Zusammenarbeit über all die Jahre honoriert wurden.

Der offizielle Wechsel von den Mitgliedern des Gemeinderates fand am 14. September 2020 statt, der vom Bürgermeister am 15. Oktober 2021. Im Mai 2022 setzte sich der Gemeinderat der Gemeinde Steinfort aus den Mitgliedern des Schöffenrates, Sammy Wagner, Andy Gilberts (déi gréng) und Marianne Dublin-Felten (LSAP), sowie aus den Mitgliedern Jean-Marie Wirth (CSV), ausgetretener Bürgermeister Guy Pettinger (LSAP), Daniel Falzani (LSAP), Tom Mataresse (CSV), Georges Zeimet (CSV) und Daniel Frieden (DP) und den beiden neuen Mitglieder Guy Erpelding und Bénédicte Janne zusammen.

Eingeladen hatte die Gemeinde Steinfort zusammen mit der Entente des sociétés de Steinfort, dessen Präsidenten, Guy Laroche, durch das feierliche Programm führte. Und so wie es in der Gemeinde Tradition ist, bekam Sammy Wagner, in seiner Rolle als neuer Bürgermeister, von der Entente einen neuen Baum überreicht, gepflanzt im Gemeindepark hinter dem Rathaus. Es handelt sich um einen Amberbaum (Liquidambar Styraciflua), eigens zu diesem Zweck ausgewählt vom Förster Ben Louis vom Besucherzentrum für Natur und Wald „Mirador“. Wie der neue Bürgermeister ist auch der Baum von klein auf hier in Steinfort (auf)gewachsen.

Die Veranstaltung wurde angenehm abgerundet mit einer lebhaften Ansprache des Bürgermeisters, gefolgt vom traditionellen Ehrenwein.

## Fr

L'installation des nouveaux membres du conseil communal et du bourgmestre de la commune de Steinfort, a eu lieu le 13 mai dernier, dans le cadre d'une petite cérémonie.

Les citoyen.nes de la commune de Steinfort étaient venu.es en nombre pour souhaiter la bienvenue aux nouveaux membres du conseil communal, Bénédicte Janne (CSV) et Guy Erpelding (LSAP), ainsi qu'au bourgmestre, Sammy Wagner (LSAP). Les membres sortants, Anne Houllard (CSV) et Sylvie Asselborn-Huber (LSAP), ont été remerciés pour leur bonne collaboration.

Le changement officiel des membres du conseil communal a eu lieu le 14 septembre 2020, celui du bourgmestre le 15 octobre 2021. En mai 2022, le conseil communal de la commune de Steinfort se composait des membres du conseil échevinal, Sammy Wagner, Andy Gilberts (déi gréng) et Marianne Dublin-Felten (LSAP), ainsi que des membres Jean-Marie Wirth (CSV), le bourgmestre démissionnaire Guy Pettinger (LSAP), Daniel Falzani (LSAP), Tom Mataresse (CSV), Georges Zeimet (CSV) et Daniel Frieden (DP) et des deux nouveaux membres Guy Erpelding et Bénédicte Janne.

L'invitation avait été lancée par la commune de Steinfort en collaboration avec l'Entente des sociétés de Steinfort, dont le président, Guy Laroche, a animé le programme. Et comme le veut la tradition dans la commune, Sammy Wagner, dans son rôle de nouveau bourgmestre, a reçu de l'Entente un nouvel arbre planté dans le parc communal, derrière la mairie. L'ambre gris (Liquidambar Styraciflua) a été sélectionné par le garde forestier Ben Louis du centre nature et forêt Mirador.
Tout comme le nouveau bourgmestre, l'arbre a grandi depuis son plus jeune âge à Steinfort.

La manifestation s'est terminée par un discours du bourgmestre, suivi du traditionnel vin d'honneur.

## En

The installation of the new members of the local council and the mayor of the municipality of Steinfort took place on 13 May.

The citizens of Steinfort welcomed the new members of the local council, Bénédicte Janne (CSV) and Guy Erpelding (LSAP), as well as the mayor, Sammy Wagner (LSAP). The outgoing members, Anne Houllard (CSV) and Sylvie Asselborn-Huber (LSAP), were thanked for their good cooperation.

The official change of members of the local council took place on 14 September 2020, and that of the mayor on 15 October 2021. In May 2022, the local council consisted of the members of the aldermen's council, Sammy Wagner, Andy Gilberts (déi gréng) and Marianne Dublin-Felten (LSAP), as well as the members Jean-Marie Wirth (CSV), the resigning mayor Guy Pettinger (LSAP), Daniel Falzani (LSAP), Tom Mataresse (CSV), Georges Zeimet (CSV) and Daniel Frieden (DP) and the two new members Guy Erpelding and Bénédicte Janne.

The invitation was issued by the Municipality of Steinfort in collaboration with the Entente des sociétés de Steinfort, whose president, Guy Laroche, led the programme.  As it is the tradition in the municipality, Sammy Wagner, in his role as new mayor, received a new tree from the Entente, planted in the municipal park behind the town hall. The ambergris (Liquidambar Styraciflua) was chosen by forest ranger Ben Louis of the Mirador nature and forest centre.
Just like the new mayor, the tree has been growing in Steinfort since its youth.

The event ended with a speech by the mayor, followed by the traditional vin d'honneur.












## 7. Juli

# INFORMATIOUNS-VERSAMMLUNG

### Lu

Am Kader vun der Informatiounsversammlung vum 7. Juli hat de Schäfferot d'Matbierger.innen zum Thema PAC(t) an neie Kulturzenter ze informéieren.

Den Optakt vun der Versammlung huet d'Presentatioun vum Plan d'Action communal transversal oder PAC(t) gemaach. Dëst ass eng Initiativ, déi d'Engagementer zesummebréngt, déi d'Gemeng Stengefort duerch d'Ënnerschreiwe vum Pakt vum Zesummeliewen an der Europäescher Charta fir d'Gläichstellung vu Fraen a Männer am lokale Liewe gemaach huet. Den Aktiounsplang baséiert op enger resultatorientéierter Approche opgedeelt a fënnef Pilieren:

1. Intergenerational an interkulturell Renconteren encouragéieren;
2. D'Populatioun bewosst op Diversitéit a Gläichheet sensibiliséieren;
3. Prinzippie vun der Net-Diskriminéierung ze institutionaliséieren;
4. D'Participatioun um Gemengeliewen duerch zougänglech Informatiounen a Kommunikatioun fir jiddere förderen;
5. Stäerke vun (inklusiver) Representatioun, Demokratie a Participatioun (Biergerschaft).

Iwwer véier Joer, also bis 2026, wëll d'Gemeng esou vill Aktioune wéi méiglech ëmsetzen an esou Diversitéit a gutt Zesummeliewen zu Stengefort, Klengbetten, Hoen a Grass förderen. De Plang riicht sech un déi ganz Gemeng, also der Bevëlkerung, dem Gemengepersonal an der Schoul.

No der Presentatioun vum PAC(t) war et dunn un der Virstellung vum Projet vum neie Kulturzentrum „An de Keeseminnen" wou den Ufank vum Bau fir 2023 geplangt ass.

Zum Schluss haten d'Matbierger.innen nach d'Geleeënheet, bei engem Patt hir Froen zu dësen 2 Themen un de Schäfferot ze stellen.







## Fr

Dans le cadre de la séance d'information du 7 juillet, le collège échevinal avait invité les citoyen.nes pour informer sur le PAC(t) et le nouveau centre culturel.

Le Plan d'Action Communal transversal est une initiative qui permet de regrouper les engagements que la Commune de Steinfort a pris en signant le *Pakt vum Zesummeliewen* et la Charte européenne pour l'égalité des femmes et des hommes dans la vie locale. Le plan d'action est établi à partir d'une approche basée sur les résultats et comprend cinq grands piliers :

1. Encourager les rencontres intergénérationnelles et interculturelles ;
2. Sensibiliser la population à la diversité et l'égalité & équité ;
3. L'institutionnalisation des principes de non-discrimination ;
4. Favoriser la participation dans la vie commune en rendant l'information et la communication accessibles à tou.te.s ;
5. Renforcement de la représentation (inclusive), de la démocratie et de la participation (citoyenne).

La Commune espère pouvoir mettre en œuvre sur quatre ans, donc jusqu'en 2026, un maximum d'actions et ainsi promouvoir la diversité et le bon vivre-ensemble à Steinfort, Kleinbettingen, Hagen et Grass. Le plan s'adresse à toute la communauté de la commune, c'est-à-dire la population, le personnel communal et l'école.

La présentation du PAC(t) a été suivie par la présentation du projet du nouveau centre culturel « An de Keeseminnen » dans le début de la construction est prévu pour 2023.

Pour clôturer la séance d'information, les concitoyen.nes ont eu l'occasion de poser leurs questions au Collège des Bourgmestre et échevins autour d'un verre.

## En

The aldermanic college invited the citizens to inform them about the "PAC(t)" and the new cultural centre.

The Municipal Transversal Action Plan "PAC(t)" is an initiative bringing together the commitments that the Municipality of Steinfort has made by signing the "Pakt vum Zesummeliewen" and the European Charter for Equality of Women and Men in Local Life. The action plan is based on a result-oriented approach and consists of five main pillars:

1. Promotion of intergenerational and intercultural encounters;
2. Awareness raising of diversity and equality & equity;
3. Institutionnalisation of non-discrimination principles;
4. Information and communication accessible to all promotes participation in community life;
5. Strengthening of (inclusive) representation, democracy and (citizen).

The municipality plans to implement as many actions as possible over a period of four years, i.e. until 2026, in order to promote diversity and good living together in Steinfort, Kleinbettingen, Hagen and Grass. The plan is aimed at the whole community of the municipality, i.e. the population, the municipal staff and the school.

The presentation of the "PAC(t)" was followed by the presentation of the project for the new cultural centre „An de Keeseminnen", the construction of which is planned to start in 2023.

To close the information session, the citizens had the opportunity to ask their questions to the College of Mayor and Aldermen over a drink.



## 16. September

# BIERGERFORUM MOBILITÉIT



### Lu

Säit 2013 ass d'Gemeng Stengefort am Klimapakt engagéiert a probéiert mat Hëllef vun ënnerschiddleche Mesuren déi national Klimaziler ze erreechen.

Am Kader vum Klimapakt 2.0, dee vun 2021 bis 2030 leeft, gëtt ënner anerem verstäerkt op Biergerbedeelegung gesat. An deem Kontext huet d'Gemeng Stengefort den 20. September hier éischt „Assise Pacte Climat" ënnert dem Titel „Biergerforum Mobilitéit" organiséiert.

Als éischt huet eng allgemeng Aféierung vum Klimabündnis zum Thema Klimaschutz an Nohaltegkeet stattfonnt. Dono goufen déi iwwer 40 Bierger.innen aus der Gemeng mam Thema Mobilitéit an hirem Alldag konfrontéiert. Duerch sougenannten „Äisbriecher-Froen" sollten d'Leit sech Gedanken iwwer eege Gewunnechten an Nohaltegkeet am Mobilitéitsberäich maachen.

Am Mëttelpunkt stoung dono e participative Workshop, bei deem d'Bierger.innen a 5 Gruppen hier Iddien zum Thema Mobilitéit formuléiert hunn. Dobäi sollten d'Leit an engem éischte Schrëtt d'Problemer opzielen, éier Léisungsvirschléi beschwat goufen. All déi genannten Iddie goufe gesammelt an a 5 grousse Kategorien zesummegefaasst ginn:

- ëffentlechen Transport: Bäifüge vun Arrêten, Vergréisserung vun de Busser zu Spëtzenzäiten,...
- Mobilité douce: Ausbau vu Vëlosweeër, Beliichtung vun Zebrasträifen
- Verkéier allgemeng: Stroosseverengungen, Tempo 30
- Schoulwee: Sécherheet fir d'Kanner garantéieren
- Kommunikatioun: Sensibiliséierung, Beschëlderung, ...

Besonnesch de séchere Schoulwee fir d'Kanner souwéi den Ausbau vun de Vëlosweeër fir Verbindungen tëscht den Dierfer ze garantéieren, war ville Gruppen e wichtegen Uleies. Mat Hëllef vu Quartiersreunioune sollen déi verschidden Iddien och nach eemol konkret op eenzele Platze beschwat ginn, fir sou sécher ze goen, dass all Point de Vue berécksiichtegt gouf.

### Fr

La Commune de Steinfort est impliquée depuis 2013 dans le Pacte Clima et s'efforce d'atteindre les objectifs climatiques nationaux à l'aide de différentes mesures.

Dans ce cadre, la commune a organisé le 20 septembre dernier sa première « Assise Pacte Climat » sous le titre « Forum Mobilité Citoyenne ». Lors de celle-ci les citoyen. nes présent.es ont été confronté.es à la mobilité dans leur vie quotidienne et devaient réfléchir à leurs propres habitudes et à la durabilité dans le domaine de la mobilité.

Lors de l'atelier participatif, les citoyen.nes ont formulé leurs idées sur le thème de la mobilité, idées regroupées en 5 grandes thématiques :

- Transports en commun : ajout d'arrêts, augmentation du nombre de bus aux heures de pointe,...
- Mobilité douce : extension des pistes cyclables, éclairage des passages pour piétons
- Trafic en général : rétrécissement de la route, vitesse 30
- Parcours scolaire : assurer la sécurité des enfants
- Communication : sensibilisation, signalétique, ...

À l'aide de réunions de quartier, les différentes idées seront discutées concrètement, pour s'assurer que chaque point de vue a bien été pris en compte.



## En

The Municipality of Steinfort has been involved in the Climate Pact since 2013 and is striving to achieve the national climate goals with various measures.

In this context, the municipality organised its first “Climate Pact Conference” on 20 September under the title “Citizen Mobility Forum”. During this event, the citizens present were confronted with the issue of mobility in their daily lives and were asked to reflect on their own habits and sustainability in the field of mobility.

During the participatory workshop, the citizens formulated their ideas on the theme of mobility, gathered afterwards into 5 main topics:

- Public transport: adding more bus stops, increasing the number of buses at peak times,...
- Soft mobility: extending cycle paths, lighting pedestrian crossings
- Traffic in general: narrowing of the road, speed limit 30
- School routes: ensuring the safety of children
- Communication: awareness raising, signposting, etc.

With the help of neighbourhood meetings, the various ideas will be discussed in concrete terms, to ensure that every point of view has been taken into account.














## 15. Oktober

# JOURNÉE PORTE OUVERTE

### Lu

Eng sëllege Stengeforter Matbierger.innen haten sech Samschdes Moies op de Wee an d'Gemeng gemaach fir en Abléck an d'Fonctionnement vun de Servicer, dem Schäfferot, dem Gemengerot an der Berodungskommissiounen ze kréien. Dobäi hate Si sech och d'Méiglechkeet sech mat de politesche Responsabelen auszetauschen. D'Net-Lëtzebuerger.inne konnten dës Geleeënheet notze fir sech an d'Wielerlëschte vun de Gemengewale vum 11. Juni 2023 anzeschreiwen.

**Merci u jiddereen dee laanscht komm ass!**

### Fr

De nombreux.ses citoyen.nes s'étaient déplacé.es samedi matin pour rendre visite à la maison communale pour la « Journée Porte Ouverte » de la Commune de Steinfort pour avoir un aperçu du fonctionnement des différents services, du collège échevinal, du conseil communal et des commissions consultatives et s'échanger avec les responsables politiques. Les non-luxembourgeois.es pouvaient également profiter de cette occasion pour s'inscrire sur les listes électorales des élections communales du 11 juin 2023.

**Merci de votre visite !**

### En

Many citizens came to visit the town hall for the "Open House" day of the Steinfort Municipality on Saturday morning. On this occasion, they were able to get an overview of the functioning of the different services, the aldermen's college, the local council and the consultative commissions and to exchange views with the present politicians. Non-Luxembourgers had also the opportunity to register to vote for the municipal elections of 11 June 2023.

**Thanks for coming!**





















SPUERKEESS
ACT 4 SOLIDARITY

## 19. November

# DAG VUM BAM



### Lu

De Stengeforter Schäfferot hat eis kleng Matbierger.innen aus dem Joer 2018 zesumme mat hiren Elteren op den Dag vum Bam op de Mirador agelueden. Mat Schëppen a Stiwwelen ausstafféiert hu si zesummen Äppelbeem (Boskop) an Hecken ageplanzt. An e puer Joer kann da jiddereen deen do laanscht spadséiert sech en Apel plécken an sech et op enger Bänk gemittlech maachen.

Zousätzlech huet d'Gemeng am Numm vun all de Kanner en Don vun 2.240€ un den INADES-Projet am Togo gemaach. Dëse Projet huet ënner anerem zum Zil bei lokale Baueren agro-ekologesch Praktiken ze ënnerstëtzen an esou d'Ofholze vun hire Bëscher ze reduzéieren. Dësen Don fënnt an Zesummenaarbecht mat der Action Solidarité Tiers Monde statt.

Mat engem Glas gudde Viz fir déi Kleng an engem waarme Viz mat Calvados fir déi Grouss ass de Moie relax op en Enn gaangen.

E grousse Merci eise Gemengeservicer, der Entente des Sociétés de la Commune de Steinfort asbl sou wéi dem Fierschter a sénger Ekipp aus dem Mirador.

### Fr

Le collège échevinal de Steinfort avait convié nos petit.e.s, né.e.s en 2018, avec leurs parents à la journée de l'arbre au Mirador. Muni.e.s de pelles et de bottes, ils.elles ont planté ensemble des pommiers (Boskop) ainsi que quelques haies.

De plus, la commune a fait un don de 2 240 € au projet INADES au Togo au nom de tous les enfants. Ce projet vise, entre autres, à soutenir les pratiques agro-écologiques chez les agriculteurs locaux et ainsi réduire la déforestation de leurs forêts.
Ce don s'effectue en collaboration avec Action Solidarité Tiers Monde.

### En

The Steinfort aldermanic college invited our little ones, born in 2018, with their parents to the tree day at the Mirador. Equipped with shovels and boots, they planted apple trees (Boskop) and some hedges together.

In addition, the municipality donated €2,240 to the INADES project in Togo on behalf of all the children. This project aims, among other things, to support agro-ecological practices among local farmers and thus reduce the deforestation of their forests. This donation is made in collaboration with Action Solidarité Tiers Monde.

**Kukkt Iech elo den Video un:**



# PORTRAIT VUM ANDY GILBERTS

ÉISCHTE SCHÄFFE VUN DER GEMENG STENGEFORT



Den 12. Oktober 2018 huet den Andy Gilberts (déi gréng) offiziell de Poste vum 1. Schäffe vu sengem Virgänger, dem Yann Wunsch, iwwerholl. Déi Ressorten, fir déi de geléierten Ëmweltphysiker am Schäfferot muss riichtstoe betreffen ënnert anerem d'Ëmwelt, d'Klima, d'Mobilitéit, de Schoultransport, d'Integratioun, den 3. Alter, de Sport, d'Landwirtschaft, d'Offallwirtschaft an d'Kierfechter.

Am Schäfferot huet dem 1. Schäffen seng Stëmm dat selwecht Gewiicht ewéi dem Buergermeeschter oder der 2. Schäffen hier. All Decisioune musse vu mindestens zwee Schäffe geholl ginn. Den Ënnerscheed tëscht dem 1. Schäffen an der 2. Schäffen ass deen, dass wann de Buergermeeschter net disponibel ass, den 1. Schäffen des Roll iwwerhëlt.

No 4 Joer an der Roll vum 1. Schäffen ass et un der Zäit den Andy Gilberts besser kënnen ze leieren!

**Wéi géingt Dir Iech an e puer Wierder beschreiwen?**

1,94m grouss, hellbrong Hoer, …

Hëllefsbereet, selbstbewosst, flexibel, praktesch orientéiert a witzeg, esou wéi dat schonn aus dem éischten Deel vun der Äntwert ervirgaangen ass.

**Wéi verbannt Dir Äre Beruff als Physiksprofesser mat Ärer Roll als 1. Schäffen?**

Als Naturwëssenschaftler hunn ech geléiert technesch Informatiounen ze verstoen. Fir um Ball ze bleiwen, muss een sech awer natierlech ëmmer erëm weiderbilden an informéieren. Als Pedagog krut ech a menger Formatioun och e puer Basiskenntnisser an der Psychologie mat op de Wee. Op der Gemeng kréien ech en Abléck a vill verschidde Beruffer, wat bei der Berodung vu menge Schüler eng Plus-value ass.

**Wat ass Är Liblingserfindung? Firwat?**

Toilettëpabeier, aus offensichtleche Grënn.

**Hätt Dir als Jugendleche jee geduecht datt Dir am Erwuessenenalter aktiv an der Politik wäert? Wa jo, firwat?**

Nee. Ech war zwar als Animateur bei der Caritas a menge Vakanze sozial engagéiert. Als Politiker wéi e Pinguin mat Costume-cravatte duerch d'Géigend ze lafen esou wéi op der Foto (meng Virstellung vun der Politik deemools), huet guer net bei mech gepasst. Meng Interessen deemools waren de Sport an op den Tour goen.

**Wat ass fir lech nohalteg Liewen?**

Nohalteg Liewe bedeit säin Handelen hannerfroen an den nohaltegste Wee aschloen. Dat ass meeschtens net den einfachsten oder flottste Wee an et bedeit fir mech, dass ech verschidde Saache mat engem schlechte Gewësse maachen.

**Wat bedeit Integratioun fir lech?**

Integratioun bedeit an der Soziologie en Ophiewe vum Zoustand vun der Exklusioun an der Separatioun (Quell: Wikipedia) a gëtt normalerweis op d'Migrante bezunn. Mir ginn zu Stengefort méi wäit a setzen de Pact vum Zesummeliewen ëm. Mir ënnerstëtzen hei d'Entwécklung vun enger inklusiver Gesellschaft fir jonk a manner jonk, fir al an nei Stengeforter, fir Mann, Fra an net-binär Mënschen.

**Wéi gesitt Dir d'Entwécklung vun eiser Gemeng an de nächsten 10 Joer?**

An 10 Joer hu mir modern Schoul- a Sportsinfrastrukturen, en neie Kulturzenter, en neit Spidol an en neie Pompjeesbau. D'Leit fuere mam Vëlo op eisem flächendeckende Vëlosnetz a mir hunn och iwwerall genuch Parkplaze fir de Leit hier Waasserstoffautoen a jiddereen ass frou an zefridden.

**Wou gesitt Dir lech an 10 Joer?**

Ech plangen net esou wäit am viraus. Ausser, dass ech natierlech nach ëmmer wäert glécklech bestuet sinn.

## Den 1. Schäffen Andy Gilberts ganz privat

**Wéi eng dräi Géigestänn géingt Dir mat op eng verloossen Insel huelen?**

Sonnecrème an en hochseetauglecht Boot. Déi zwou Saache ginn u sech duer. Ech géif deen Joker mat bei d'Fro vum Béier oder Wäin eriwwerhuelen.

**Léiwer Kaffi oder Téi?**

Kaffi

**Léiwer Béier oder Wäin?**

Joker

**Sport oder Musek?**

A menger Jugend hunn ech Trompette a Perkussioun gespillt. Dëst hunn ech awer iergendwann fir de Volleyball opginn. Vu dass meng Knéien a meng Schëller net méi matmaachen, kucken ech also mëttlerweil just nach de Sport oder lauschtere Musek.

**Häerz oder Kapp?**

An d'Häerz. An de Kapp mécht ze vill Sauerei.

**Klassesch Zeitung oder Onlinemedia?**

Online. Ech sinn awer ëmmer frou, wann ech de Pabeier am Grapp hunn.

**Summer oder Wanter?**

Summer, vum 15. Juli bis de 15. September

**Bierger oder Plage?**

Bierger. Plage ass ze waarm a langweileg.

**Kaz oder Hond?**

Mir hunn zwou Kazen. D'Fibi an de Fatzi.

**Fréi opstoen oder laang schlofen?**

Fréi opstoen an d'Rou am Haus genéissen. Ech profitéieren dann dovunner fir d'Spullmaschinn aus- an anzeraumen. Meeschtens, wann ech da fäerdeg gestaubsaugt hunn, ass et eriwwer mat der Rou, an de Rescht vun der Famill steet op.

**Theater oder Kino?**

Kino. Theater hu mir jo schonn am Gemengerot ;)

# PORTRAIT D'ANDY GILBERTS

## PREMIER ÉCHEVIN DE LA COMMUNE DE STEINFORT

Andy Gilberts (déi gréng) a officiellement repris le poste de 1er échevin de son prédécesseur, Yann Wunsch le 12 octobre 2018. Les ressorts pour lesquels le physicien spécialisé dans les sciences de l'environnement est en charge au sein du collège des bourgmestre et échevins comprennent l'environnement, le climat, la mobilité, le transport scolaire, l'intégration, le 3e âge, le sport, l'agriculture, la gestion des déchets tout comme les cimetières.

Au collège échevinal, la voix du 1er échevin dispose du même poids que celle du bourgmestre ou de la 2e échevine. Toutes les décisions doivent être prises par au moins deux échevins. La différence entre le 1er et la 2e échevine étant que si le bourgmestre est indisponible, le 1er échevin prend le relais.

Après 4 ans dans le rôle du 1er échevin, il est grand temps de mieux faire connaissance avec Andy Gilberts.

**Décrivez-vous en quelques mots :**

1m94, cheveux châtain clair, …

Serviable, confiant, flexible, orienté pratique et drôle, comme vous avez déjà pu le remarquer dans la première partie de la réponse.

**Comment conciliez-vous votre métier de professeur de physique avec votre rôle de 1er échevin ?**

En tant que scientifique, j'ai appris à comprendre les informations techniques. Pour rester à jour, il faut bien sûr se former et s'informer constamment. Pendant ma formation de pédagogue, j'ai acquis des notions de base en psychologie. À la commune, j'ai un aperçu de nombreux métiers différents, ce qui me permet de mieux conseiller mes étudiants.

**Quelle est votre invention préférée ? Pourquoi?**

Le papier toilette, pour des raisons évidentes.

**Auriez-vous pu vous imaginer, adolescent, que vous seriez actif en politique à l'âge adulte ? Si oui, pourquoi?**

Non. J'étais certes engagé dans le domaine social en tant qu'animateur auprès de la Caritas pendant mes vacances. Se dresser comme un pingouin en costard-cravate comme sur la photo ci-contre (mon idée de la politique à l'époque), ne me convenait pas du tout. Mes centres d'intérêt à l'époque se concentraient surtout autour du sport et des sorties.

**Qu'est-ce que le développement durable pour vous ?**

La durabilité signifie remettre en question l'ensemble de ses actions tout en empruntant le chemin le plus durable possible. Ce n'est généralement pas la manière la plus facile ni la plus agréable et cela signifie pour moi que j'ai parfois une mauvaise conscience.

**Que veut dire intégration pour vous ?**

En sociologie, l'intégration désigne la fin de l'état d'exclusion et de séparation (source : Wikipédia) et est généralement liée aux migrants. À Steinfort, nous allons plus loin et mettons en œuvre le « Pact vum Zesummeliewen » (ndlr : pacte du vivre-ensemble). Ainsi, nous soutenons le développement d'une société inclusive pour les jeunes et les moins jeunes, pour les anciens et les nouveaux citoyens, pour les hommes, les femmes et les personnes non binaires.

English version:

**Comment voyez-vous le développement de notre commune dans les 10 années à venir ?**

En 10 ans nous disposerons d'infrastructures scolaires et sportives modernes, d'un nouveau centre culturel, d'un nouvel hôpital et d'une nouvelle caserne de pompiers. Les gens feront du vélo sur notre vaste réseau cyclable et nous aurons également suffisamment de places de stationnement à travers la commune pour leurs voitures à hydrogène et tout le monde sera heureux et satisfait.

**Où vous voyez-vous dans 10 ans ?**

Je ne prévois pas si loin. Sauf, bien sûr, que je serai toujours heureux en mariage.

## Le 1er échevin Andy Gilberts en privé

**Quels trois objets emporteriez-vous avec vous sur une île déserte ?**

De la crème solaire et un bateau marin. Ces deux choses me suffisent. Je prendrais ce joker à la question de la bière ou du vin.

**Plutôt café ou thé ?**

Café

**Plutôt bière ou vin ?**

Joker

**Sport ou musique ?**

Dans ma jeunesse, j'ai joué de la trompette et des percussions. À un moment donné, j'ai abandonné la musique pour le volley-ball. Depuis que mes genoux et mes épaules ne coopèrent plus, je me contente de regarder du sport ou d'écouter de la musique.

**Cœur ou tête ?**

Dans le cœur. Dans la tête, ce serait trop sanglant.

**Quotidien classique ou média en ligne ?**

En ligne. Mais je suis toujours content d'avoir la version papier en main.

**Été ou hiver ?**

Été, du 15 juillet au 15 septembre

**Montagne ou plage ?**

Montagne. Il fait trop chaud à la plage et c'est trop ennuyant.

**Chat ou chien?**

Nous cohabitons avec deux chats. Fibi et Fatzi.

**Se lever tôt ou dormir tard ?**

Se lever tôt et profiter du calme de la maison. J'en profite pour mettre et ranger le lave-vaisselle. Quand j'ai fini de passer l'aspirateur, le silence est terminé et le reste de la famille se lève.

**Théâtre ou cinéma ?**

Cinéma. Nous avons déjà assez de théâtre au conseil communal ;)



## FRIDDENSSYMBOLER HAUTDESDAAGS:

# MAYORS FOR PEACE & FRIDDENSTOTEM




### Lu

**Fridden, Solidaritéit, Respekt a Mënschlechkeet** si Wäerter déi eis besonnesch um Häerz leien. An dësem Sënn hu mir als Gemeng Stengefort déi néideg Schrëtt ageleet, fir der internationaler Associatioun Mayors for Peace beizetrieden. Dës Weltorganisatioun vu Stied widmet sech dem Fridden, der Ofrëschtung a besonnesch der Eliminatioun vun Atomwaffen.

